



## Verschwennt eis Sprooch?

NEEN! Dat ass keng Fro fir Leit, déi **keen Donst vu ‚Schoulhalen‘** hunn. Eng Fro, déi sech guer net stellt, well si **net (méi!) mat klengen Idiomem verglach ka ginn, déi iergendwou souzesoen ‚an der Loft‘ hänken**, oder an engem Land mat enger grousser ‚Nationalsprooch‘ erdréckt ginn. Dat ass fir d'Lëtzebuergesch an eisem souveräne Staat net de Fall! Dat sinn einfach esou dohinner geplättelt Viruerteeler vu Leit, déi kee Begrëff vu Sproochpsychologie a – pädagogik hunn!

Och déi ‚zackegst‘ **Statistiken änneren do näischt**, déi alles an nach méi wëlle beweisen; vrun allem, wann et ëm d'Immigratioun an d'Schoulsprooch geet... a vergiess gëtt, datt do d'Lëtzebuergesch d'*Lingua franca*, also **d'Integratiounssprooch téscht FËNNEF Friemsprooch misst/soll/ka sinn!** Statistik ass sprock a seet och näischt driwwer, wéi liicht a schätzeg just kleng Kanner (bis +/- 12 Joer) all Sprooch ofänken a ‚jadderen‘; si iwwergeet och dat sproochlecht Ëmfeld. Vun der individueller Intelligenz net ze schwätzen; et gëtt der jo, déi léieren et ni!

**En etlech Gedankepiedercher...** vun deenen déi allermeescht vru 50 Joer net esou hätte kënne ‚getrëppelt‘ ginn. Well d'Ëmstänn dunn nun emol ganz anerer ware wéi haut.

**Graff gesot, kënn ee fir Lëtzebuerg 3 Sproochfelder feststellen:** D'Sprooch ënnert de Leit (Lëtzebuergesch); d'Zeitungsprooch (Däitsch); déi administrativ Sprooch (Franséisch). Donieft leeft dann dat Schrëftlecht an d'Literatur; an do ass jo (populatiouns- a massemedieméisseg) kee Verglach mat der Situatioun vu viru 50 Joer méiglech. Eis Sprooch an d'Awunnerschaft hunn an deene Joeren op vill Fassongen **e ‚Saz gemaach‘ deen ëm 1970 net denkbar war.**

Gewëss: Mir haten en etlech ganz gudder ‚Saache‘ vun héich talentéierte **Schreiwere...** ower wien huet déi da kaaft a vrun allem gelies? Mat Sécherheet keng 5%. Dobäi koumen och nach déi gutt **‚lexikal‘ Aarbechte vum ‚Institut grand-ducal‘, d'wëssenschaftlech Leeschtunge** vun engem Robert Bruch oder Fernand Hoffmann, speziell Publikatiounen vum Henri Klees oder Heng Rinnen... **leider bal unter Ausschluss der Öffentlichkeit**, also vun ‚de Leit‘, do wou eng Sprooch otemt a leeft! Et gong/geet rieds vu ‚Soziolinguistik‘, souzesoen e Geheimfach vun der Soziologie, e ‚fourre-tout‘. Wéi wier et da mat ‚Soziopädagogik‘?, am Sënn vu, **wéi bréngen ech deenen eppes fir d'Sprooch, bei deenen si nun emol ‚dappt‘, lieweg gëtt a bleift?**

Dat geet dacks op ganz einfach Manéieren... ower et ass wéi **et schéngt net esou liicht, ‚einfach‘ ze sinn/bleiwen.** Datt Uertschafts- a Stroosseschëlter, kleng Familljenannoncen oder Reklammen op Lëtzebuergesch, Geschäftsnimm +++ mat der Mentalitéit fir eis Sprooch ze dinn hunn, ass nun emol eppes vun deer ‚Soziopädagogik‘ vun hei uewen... an deen ‚Zock‘ huet een am ‚Täti‘... oder net!

**Vun der Schoul schummt ee sech bal ze schwätzen**, wann ee bedenkt, wat d'Lëtzebuerg den Nazien den 10. Oktober 1941 (an deer Gefoer!) houfreg a verbruet iwwer d'Sproochfro an d'Fratz gehäit hunn. ‚Mir‘ **sinn an enger eefälleger Zermeschtei iwwer d'Schreifweis hänke bliwwen;** mengen och nach haut, d'Orthographie wier dat Wichtigst, a maachen d'Leit domat ‚äppeldänzeg‘!

**Eis ‚Actioun-Lëtzebuergesch‘ ass 1971 net gegrënnt gi fir Sproochwëssenschaft ze dreiwien;** streng gehol war et, fir ‚dem Radio/ der TV‘ op de Mond ze kucken, eventuell drop ze klappen; duerno, fir dem Lëtzebuergesch do eng Plaz ze verschafen, déi et als d'Sprooch vum Land zegutt hat/huet. **Virdrun huet kee Giss sech drëm bekëmmert**, ob nieft ‚Bascharage‘ vläicht kënnt/misst ‚Käerjeng‘ stoen oder ‚Groussgaass‘ op d'mannst beim ‚offizielle‘ Grand'rue seng Plaz kënnt hunn; dat iwwers och am Telefonsbuch. Mir hunn äis Suerge fir eis Flouernimm gemaach... an déi och (40 000!) vum, **Kadasterdäitsch vun 1825‘** gebotzt. De ‚Wëssenschaftler‘ schéngt et och egal gewiescht, ob emol een eng Familljenannonce, e Remerciement, eng Reklamm, e Geschäftstitel kënnt an der Sprooch vum Land maachen... wat iwwers alles kloer mat der ‚Soziopädagogik‘ ze dinn huet. Déi ass ower leider nach ëmmer kee Fach fir eis sakrosankt ‚Wëssenschaft‘. Vu Gesetzter a Constitutioun net ze schwätzen. Mir maache weider!

## Muss dat sinn?

Eng Course, déi vu villen Accidenter ‚geprägt‘ war? Héchstens ‚markéiert‘. E groussen ‚Andrang‘ bei engem Concert, aplaz eng ‚Wull/vill Leit‘. Eng Zäit, déi ‚räif‘ ass, aplaz ‚zeideg‘. Eng Saach, déi ‚sech lount‘, aplaz ‚dowäert‘ ass. Eppes, dat zumindest grad esou gutt ass, aplaz ‚op d'mannst‘. Ech hu kee gutt Gedichtnes, aplaz e Verhalt. Bei äis gëtt kee vum Zuch ‚erfaasst‘; dee krut si héchstens ze paken. **Dann dat zackerdjessen ZRECK, dat mir an eiser Sprooch ower och guer net brauchen;** huet emol: **erëmkommen, erëmginn, hanneschtgoen, hanneschtsetzen, hanneschtbréngen, hanneschtginn, hannerzeg fueren, erëmäntweren, erëmhuelen, erëmschloen...** Dir mengt vläicht, dat wier dach net wichteg, oder esouguer, et wier ler-

vum Lex Roth



bessenzielerei; mä esou Klinzegkeete sinn dacks Zeeche fir d'Eegestännegkeet vun enger Sprooch! Kuckt dach emol am Franséischen den Ënnerscheid téscht **remercier POUR a remerci DE**, jeenodeem e Substantiv oder e Verb hannendru kënnt; datselwecht fanne mir am propperen Englesch bei **TO a FOR**. Déi ganz Saach ass e bësse wéi mat der Speis (eiser Wierder eent!) téscht den Zillen ze gesinn... déi Gemaiers zesummenhält. ☺

## Eis Sprooch an der Schoul

Dat ass wierklech **en intressant Kapitel** fir sech. Ech ka mech erënneren, datt ech alt emol einfach kleng Zeitungsartikelen erausgeschnidden, zesummegepecht a kopéiert hunn, fir se auszedeelen a mat enger Klass op Franséisch ze iwwersetzen. **Do war den Intresse vill méi grouss, wéi nëmme just sprock am Buch fir Grammaire ze schaffen;** et war ganz einfach méi ‚lieweg‘! Nach haut begéinen ech jonk Leit vun deemools, déi sech mat Genoss un déi Iwwersetzerei erënneren. Firwat léiss dat sech net och, ëmgedréint, aus dem Däitschen/Franséischen op Lëtzebuergesch maachen? Dat wier mengerwäreg dee liewegsten Exercice, deen een, aplaz nëmme ‚Literatur‘ am Fach ‚Lëtzebuergesch‘ bis wäit erop am Lycée kënnt maachen.

Iwwers **soll een emol däre soen, datt mir ‚zueleméisseg/relativ‘ net kënnen déiselwecht Mass vu literaresche Lëtzebuergesch Texter opweises** hu wéi an eisen 3 gewinnte Grousssproochen! Dann ass eng éierbar Iwwersetzung vu gudder Literatur nach ëmmer besser wéi e ladderegt Original, oder? Cf. Fabelen, Tintin, Asterix, Etranger, Peste, Petit Prince...firwat sollen d'Kolleginnen a Kollegen aus dem Enseignement sech dat net och emol zerguttst duerch de Kapp goe loosse? Näischt fir onutt. ☺

## Sproochfelder

Mir haten ewell méi dacks vun de ‚Sproochfelder‘ rieds. Mä, wéi dat da beim Léieren a Bäibréngen ass, soll dat kee Muttwëll sinn, wa méi heefeg op esou kleng ‚Methode‘ gewise gëtt. **Huet emol z.B. d'Ëmfeld vum lessen** a fänkt mueres un: Mir setzen de Kaffi op a schëdden en eraus; mir maachen Zocker dran; de Botter an d'Gebess stin ewell um Dësch, vläicht och Kachkéis oder Stoffi; mir maachen eng Schmier an zappen se; herno ginn d'Grimmelen zesumme geschäert an den Dësch gëtt ofgebotzt. **Wie glëschttert** dann net och vläicht eng genësseg (net ‚lecker‘!) Pateesschmier oder e geschméichegt Zapp-Ee?

Sou kann een da mam Mëttegiess **an engem Cours fir ‚Ausländer‘** weiderfueren; dat ass praktesch an net esou dréchen, streng-sprock wéi nëmme an de Bicher ze moschteren. Wuertfelder sinn eng immens kamoud Saach, fir ‚Vokabelen ze fänken‘, déi dann och net ouni d'Wierklechkeet ‚an der Luucht hänken‘.

## Fir op F/D ze iwwersetzen...

Gëff deem emol eng op d'Schnuff.

Ech war zerguttst krank.

Deen huet eng Kuck wéi en Dabo.

De Jang trängtelt, deen ass dätsch.

Piddel dir dee Blatz mol aus den An.

De Mil huet eng elle Pautsch am Gesicht.

D'Jempien hunn de Stiichtert gepëtzt.

Déi Wäinzossiss ass geschméicheg.

D'Jeanine ass eng lackeleg Jëfferchen.

Du hues mir eng giedeleg gekrëckelt.

Bretz dech net an engem Stéck.

Maach dech dach net esou!

Géi riicht do a schlapp net esou.

De Gast huet mir eng opgehaang.

Späiz dee Knätschgummi eraus!

De Will ass en topegen Trëllert.

De Mil huet sech an de beschte Fuedem gehäit.

De Rol ass e kauschtege Knéckjang.

D'Kuscht vum Roff ass erof.